N° 7232
Entrée le 23.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.11.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 742/2022
23 NOV. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An de leschten Deeg sinn d'Baueren iwwer d'Berechnung vum Véibestand bei den eenzele Fërdermoossnamen an den Agrarëmwelt- a Klimaprogrammer informéiert ginn. Eisen Informatiounen no gëtt z.B. bei der "Beihilfe zur Beibehaltung eines niedrigen Viehbestandes" an och bei der "Beihilfe zur Reduzierung des Rinderbestandes" fir d'Berechnung vun der Besatzdichte nëmmen d'Fudderfläch zu Lëtzebuerg berécksiichtegt. Allerdéngs bewirtschaften vill Betriber Fudderflächen an der Grenzregioun, och well den Drock um Land an der Landwirtschaft extrem héich ass. Des Situatioun gëtt nach verstäerkt, well de Staat selwer, mee och eng Partie aner Organisatiounen, landwirtschaftlech Flächen opkafen. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Wéi vill Hektar Fudderfläch gi vu Lëtzebuerger Baueren an de Nopeschlänner bewirtschaft?
- Fir wat gëtt bei de Fërdermoossnamen net no der reeller Situatioun vum Betrib gekuckt, respektiv, firwat ginn d'Fudderflächen, déi Betriber an der Grenzregioun bewirtschaften, net bei der Berechnung vun der Besatzdichte berécksiichteg?
- Ass de Minister gewëllt, des Reegelung nach un ze passen?
    - Wann jo, wéini?
    - Wann neen, firwat net an wéi wëll de Minister déi konsequent Benodeelegung vun dëse Betriber verhënneren?
- Wéi wëll de Minister Bauere motivéieren, déi bereet sinn, hire Véibestand pro ha Fudderfläch ze reduzéieren, déi awer e groussen Deel vun hirer Fläch am Ausland hunn?

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

- Ass de Minister net der Meenung, datt des Reegelung den Drock op d'Land zousätzlech verschäerft?
    - Wa jo, wat wëllt de Minister dergéint maachen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7232 vun der éierbarer Deputéierten Martine Hansen**

- **Wéi vill Hektar Fudderfläch gi vu lëtzebuerger Baueren an de Nopeschlänner bewirtschaft?**

Am Ganze gi 4917 ha Fudderfläch vun 240 lëtzebuerger Bauerenhäff am Ausland bewirtschaft, dat si 6% vun den insgesamt 82458 ha Fudderfläch, déi d'inlännesch Bauerebetriber bewirtschaften.

- **Firwat gëtt bei de Färdermoossnamen net no der reeller Situatioun vum Betrib gekuckt respektiv firwat ginn d'Fudderflächen, déi Betriber an der Grenzregioun bewirtschaften, net bei der Berechnung vun der Bestandsdichte berécksiichteg?**

D'Ziel vun dëse Moossnamen ass, datt am Inland eng substanziell Reduktioun vum Véibestand erreecht gëtt, notamment am Sënn vun engem verbesserte Waasserschutz an der Reduktioun vun de Loftschadstoffer.
Et soll verhënnert ginn, datt Betriber sech am Ausland Fläche bäipachten, fir iwwert dee Wee an de Genoss vun dëse Primmen ze kommen, ouni datt awer déi ugestrieften niddreg Bestandsdichten a Wierklechkeet ob den Terrainen hei am Land agehale musse ginn.

- **Ass de Minister gewëllt, dës Reegelung nach unzepassen?**

**° Wa jo, wéini?**

Neen, et ass am Moment aus den opgezielte Grënn net virgesinn, dës Reegelung unzepassen.

**° Wa net, firwat net, a wéi wëll de Minister déi konsequent Benodeelegung vun dëse Betriber verhënneren?**
/

- **Wéi wëll de Minister Bauere motivéieren, déi bereet sinn, hire Véibestand pro ha Fudderfläch ze reduzéieren, déi awer e groussen Deel vun hire Flächen am Ausland hunn?**

Et sinn eng ganz Rei aner Moossname virgesinn, déi och vu Betriber genotzt kënne ginn, déi hire Véibestand reduzéiere wëllen, awer ee gréisseren Deel vun hire Fudderflächen am Ausland hunn.
Dozou gehéieren zum Beispill d'Reduzéierung vun der Stéckstoffdüngung, d'Moossname fir Extensivéierung vum Dauergrénglang oder och d'Weidehaltung.
Och déi Primme kënnen awer nëmmen ob de Flächen ausbezuelt ginn, déi och hei am Land bewirtschaft ginn.

- **Ass de Minister net der Meenung, datt des Reegelung den Drock op d'Land zousätzlech verschäerft?**

Neen, net méi wéi déi aner Primmen, déi un d'Fläche gebonne sinn.

**° Wa jo, wat wëllt de Minister dogéint maachen?**

/

Lëtzebuerg, de 9. Januar 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN